LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 26 mai 2020

REÇU
Par Alff Christian , 14:21, 26/05/2020

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des ministères impliqués à la question parlementaire n° 2081 posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Gemeinsam Äntwert vum Aussen an Europaminister, vum Héichschoulminister, vum Finanzminister a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Ufro N°2081 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1) Laut dem Vertrag vum 19ten Abrëll 1984 tëschent Däitschland a Lëtzebuerg iwwert de Verlaf vun der gemeinsamer Staatsgrenz sinn d'Grenzwaasserverleef Musel-Sauer-Our als *"gemeinschaftliches Hoheitsgebiet"* erklärt ginn. D'Musel, d'Sauer an d'Our forméieren also den däitsch-lëtzbuergesche Condominium an no internationalem Recht gëllen op deem Territoire dat däitscht souwéi dat lëtzebuergescht Recht. D'Autoritéite vu béide Länner sinn also berechtegt op deem Territoire z'intervenéieren. Aus dem Artikel 8 vum virdrun ernimmte Vertrag geet awer ervir, dass ier e Staat op dësem gemeinschaftlechen Territoire Mesuren ergräife wëll, déi en Accord verlangen, dës vum anere Staat bewëllegt musse ginn.

2) Den Artikel 1, Paragraph 2, vum Vertrag vum 19ten Abrëll 1984 tëschent Däitschland a Lëtzebuerg iwwert de Verlaf vun der gemeinsamer Staatsgrenz gesäit ënner Anerem vir, dass zum däitsch-lëtzebuergesche Condominium d'Loftsail iwwert der Wasserfläch bannent de säitleche Begrenzungen gehéiert, souwéi och all Bauwierk an all Zort vun Anlag. Dëst bedeit also, dass d'Bräcken iwwert der Musel, Sauer an Our béide Länner gehéieren. Däitschland a Lëtzebuerg übe gemeinsam hier staatlech Kompetenzen op deem Territoire aus a sinn also an der Verwaltung vun deem Gebitt opgefuedert ze collaboréieren. Laut dem Artikel 8 vum virdrun ernimmte Vertrag soll et ëmmer zu engem Konsens tëscht béide Staate kommen.

   Wat den Ënnerhalt vun de Bräcken iwwert de Grenzflëss ubelaangt, souwäit dësen net vun enger Conventioun festgeluecht ass, sou sinn dofir déi däitsch a lëtzebuergesch Autoritéiten zoustänneg. Bei eis am Land këmmert sech d'Administratioun des ponts et chaussées drëms.

   Waat déi baulech Moosnahmen ugeet fir d'Grenz ze markéieren, esou kennen dëss nëmmen am Konsens décidéiert gin. Dësst ass den däitschen Autoritéiten vu Lëtzebuergescher Säit matgedeelt gin.

3) Am Artikel 41 vun der « Convention d'application de l'Accord de Schengen du 14 juin 1985(...) » sinn d'Modalitéiten vun enger « poursuite transfrontalière » am Detail festgehalen. Sou dierfen däitsch Polizisten zum Beispill eng Poursuite op lëtzebuergeschem Territoire weiderféieren, wann si bedéngt duerch d'Urgence vun dëser Poursuite, net konnten déi lëtzebuergesch Autoritéiten am Virfeld kontaktéieren, respektiv déi lëtzebuergesch Autoritéiten net konnten op der Grenz d'Poursuite iwwerhuelen. Dësen « droit de poursuite » ënnerläit nach enger Rei weiderer Konditiounen déi an der uewegenannter Conventioun festgeluecht sin.

4) Déi däitsch Moossnamen op de Grenzen befollegen d'Prozedur vum Artikel 28 vum Schengen-Grenz-Code [Règlement (UE) 2016/399 du Parlement européen et du Conseil du 9 mars 2016 concernant un Code de l'Union relatif au régime de franchissement des frontières par les personnes].

   E Land wat esou Moossnamen hëlt, muss also deenen aneren Länner an der europäescher Commissioun per Notifikatioun Bescheed soen. Déi original Notifikatioun esou wéi d'Notifikatiounen iwwer déi respektiv Verlängerunge vun de Moossnamen bis de 15. Mee leien der Regierung vir.

5) Den Artikel 28 vum Schengen-Grenz-Code gesäit keng prealabel Koordinatioun, Konsultatioun oder Informatioun iwwer d'Grenzmoossnamen vir. D'Regierung hätt sech gewënscht datt eng méi enk Ostëmmung mat den Däitschen Autoritéiten méiglech gewiercht wier. D'Regierung stung an engem permanenten Dialog mat Däitschland fir d'Situatioun ze verbesseren. Dësen intensiven Austausch huet ënner anerem erlaabt, dass fier d'éischt an progressiv 8 Grenziwwergäng erëm konnten opgemaach ginn, an och datt d'Grenzkontrolle nees ganz opgehuewen gi sin.

6) Nodeems dass Däitschland décidéiert huet erëm Kontrollen anzeféieren op de Grenzen mat Lëtzebuerg a verschidde Grenziwwergäng ganz zouzemaachen, huet Lëtzebuerg Douanieren vum 20. Mäerz 2020 uns op de Grenziwwergäng Doosbuerg and Veinen postéiert, fir déi däitsch Autoritéiten ze ënnerstëtzen. Dës Virgoensweis huet erlaabt déi zwee betraffe Grenziwwergäng erëm op ze machen.

   Mam Ausléisen vun dëser exzeptioneller Dispositioun, goufen och d'Aktivitéiten vun der Douanesverwaltung ("ADA"), op Basis vun der «*loi du 9 juin 1994 ayant pour objet d'habiliter les agents de l'administration des douanes à exercer certaines attributions de la police générale*», erweidert. Dëst Gesetz fixéiert d'Attributioune vun der Douanesverwaltung wann d'ëffentlech Uerdnung an d'national Sécherheet et verlaangen a gesäit och fir, dass am Kader vun dësen exzeptionellen Missiounen, d'Douanesverwaltung ënnert der direkter Autoritéit vum Justizminister läit. Ausserdem applizéiert sech hei den « *Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Fédérale d'Allemagne relatif au contrôle frontalier en commun et à la création de gares communes et d'échange à la frontière germano-luxembourgeoise* » vum 16te Februar 1962.

   Zënter dem 15ten Mee huet d'Douane all hier Aktivitéiten an dësem Beraich agestallt, well Daitschland jo keng Grenzkontrollen méi mécht.

7) D'Regierung huet sech mat Däitschland engersäits vun Ufank un drop verstännegt, dass Frontalieren aus professionelle Grënn dierfen iwwer d'Grenz fueren an zwar mat dem "Zertifikat für Berufspendler als Nachweis der Notwendigkeit des Grenzübertritts zwischen Deutschland und Luxemburg", dee Lëtzebuerg ausgeschafft hat, respektiv mat der däitscher "Bescheinigung für Berufspendler". Fier Studenten hun mer eis ganz besonnesch zënter dem Ufank vun der Kris agesaat, fier hier Déplacementer ze erliichteren wann se obligatoresch Coursen an Examen haten, esouwuel fier an Daitschland ze fueren oder och fier duerch Daitschland kënnen z.B an Éisterräich ze fueren. Och fier Schüler ass eng praktesch Léisung fonnt gin. Am Allgemengen hun mer eis fier all Kategorien vun Leit stark derfier agesaat, datt déi däitsch Kontrollen op méi eng flexibel an pragmatesch Art an Weis ëmgesat gin, an daat ëmmer mat den fundamentaler Demande datt se esou baal wéi méiglech komplett ogehuewen gin, waat jo den 15ten Mee geschitt ass.